N°4474
Entrée le 16.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 15. Juli 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir d'Mobilitéit an ëffentlech Bauten weiderzeleeden:

„ D'Aféierung vun de spéiden Zuchverbindunge vun der Stad aus Richtung Norden a Richtung Süden huet dozou bäigedroen, datt d'Mobilitéitsoffer fir d'Awunner aus de Regiounen ausserhalb vun der Stad verbessert gouf. Besonnesch um Weekend ass et wichteg, datt d'Leit och owes an an de fréie Moiesstonnen eng sécher an zouverlässeg Alternativ zum Auto hunn.

Dës Offer ass net nëmme fir Jonker relevant, mee och fir all Persounen, déi owes schaffen, Veranstaltunge besichen oder no engem Owend mat Kollegen aus dem Zentrum vum Land rëm zeréck heem fuere wëllen. Eng gutt Nuetszuchverbindung kann och dozou bäidroen, fir d'Verkéierssécherheet ze verbesseren, well de Risiko reduzéiert gëtt, datt Leit no engem Owend, wou se eraus waren, trotz Middegkeet oder liichtem Alkoholkonsum mam Auto fueren.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir d'Mobilitéit an ëffentlech Bauten follgend Froe stellen:

1. Wéi huet sech d'Notzung vun de spéiden Zuchverbindungen zënter hirer Aféierung entwéckelt, virun allem op der Streck Lëtzebuerg–Ettelbréck–Clierf–Ëlwen an op der Streck Lëtzebuerg–Rodange? Ginn et Donnéeën iwwer d'Zuel vun de Passagéier, déi dës Zich um Freideg- a Samschdegowend respektiv an de fréie Moiesstonne notzen?
2. A wéi engen Nuechten am Joer ass d'Nofro fir spéit Zuchverbindungen op dëse Strecke besonnesch héich? Kann d'Ministesch déi entspriechend Passagéierzuelen nennen?
3. Gëtt op Basis vun dësen Donnéeën iwwerpréift, ob déi aktuell Offer nach de Besoine vun de Bierger entsprécht?

4. Gëtt analyséiert, dës Offer an Zukunft weider auszebauen, zum Beispill duerch zousätzlech Nuetszich oder eng méi dicht Frequenz op bestëmmten Deeg oder op bestëmmte Weekender?“

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Député

Gusty GRAAS
Député

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu